LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Travail

Réponse du Ministre du Travail et de la Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale à la question parlementaire N°4491 du 17 juillet 2026 de l'honorable Députée Octavie MODERT concernant « Retard de l'entrée en vigueur de la réforme relative aux travailleurs saisonniers et conséquences pour les vendanges 2026 ».

Fro: [...] wéi si gedenke virzegoen, fir dem Wäibausektor fir d'Drauwelies am September vun dësem Joer entgéint ze kommen, well d'Wënzer sech legitimmerweis drop astelle konnten, dat si dësen Drauwenhierscht den neie Moossnamen, wéi se am Gesetzesprojet virgesi sinn, no handele kënnten?

D'Regierung versteet d'Enttäuschung an d'Suerg vun de Wënzer, déi sech legitim dorop agestallt haten, datt déi virgesinne Vereinfachunge schonn dëst Joer fir d'Drauwelies géife gëllen.

Grad well sech d'Regierung bewosst ass, datt d'Baueren, d'Wënzer an d'Gäertner bei verschiddenen Ernteaarbechten op saisonal Hëllefskräften ugewise sinn an datt hir Astellung mat engem héijen administrativen Opwand verbonnen ass, huet si sech virgeholl, d'Prozeduren ze vereinfachen, an dës Mesure och am Koalitiounsaccord festgehalen.

Trotz villen Efforten ass et awer net méiglech gewiescht, déi néideg gesetzlech Bestëmmunge rechtzäiteg a Kraaft trieden ze loossen, fir datt se schonn op d'Drauwelies vun dësem Joer kéinten applizéiert ginn. De Gesetzesprojet ass am November deposéiert ginn, an déi lescht Avisen am Kader vum legislative Prozess sinn am Juli publizéiert ginn. Aus juristescher an virun allem prozeduraler Siicht ganz schwiereg, wann net esouguer eischter onméiglech, elo nach spezifesch Iwwergangsbestëmmunge virzegesinn.

Fir d'Drauwelies vun dësem Joer gëllen dofir weiderhin déi aktuell gesetzlech Bestëmmungen.

D'Regierung bleift am enke Kontakt mam Secteur, fir d'Ëmsetzung vun de geplangte Vereinfachungen ze begleeden. Si ass zouversiichtlech, datt de Gesetzesprojet n° 8658 am Laf vum Hierscht ka gestëmmt ginn.

Luxembourg, le 20 août 2026

(s.) Marc SPAUTZ
Ministre du Travail